N°7800
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Premier- a Staatsminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°7800 vum 20. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz**

Aktuell hunn, bei iwwert 1'402'000 geimpften Dosen, 40 Persounen Niewewierkunge gemellt, déi zu längeren Symptomer oder Gesondheetsproblemer gefouert hunn. Die gemellten Symptomer sinn verschidden. E puer Leit mellen Péng an den Muskelen oder Gelenker, dorënner zwee Fäll vu enger Verschlëmmerung vun Symptomer vun enger virbekannter rheumatoider Arthritis, an eng Kapsulitis vun der Schëller vum geimpften Aarm. Fir anerer ass et eng Verschlechterung vum allgemengen Zoustand, eng länger Middegkeet oder neurologesch Stéierungen wéi Kappwéi, Schwindel, persistenten Tinnitus oder Parästhesien vun den Extremitéiten, dorënner ee Fall vun Neuropathie. E puer Patiente signaléieren Häerzproblemer wéi Arrhythmie oder Hypertensioun, an visuell Stéierungen.

Den Alter vun den Leit déi laangwiereg Effekter gemellt hunn, ass ganz variabel a geet vun 30 bis 90 Joer, mat engem Duerchschnëttsalter vun 48 Joer.

Déi betraffe Leit kréien spezifesch Behandlungen fir hir Problemer am normalen Gesondheetssystem, an dës Behandlungen ginn natierlech vun der Gesondheetskees iwwerholl am Kader vun den üblechen Konditiounen.

Falls et zu permanenten Schied kënnt, kann déi betreffend Persoun eng Entschiedegung beim Gesondheetsministère ufroen, baséiert op d'Gesetz vum 4. Juli 2000 *„relative à la responsabilité de l'Etat en matière de vaccinations"*. An dësem Fall gëtt dann een onofhängegen Expert genannt deen den Ausmooss vun de bleiwenden Schied évaluéiert an de kausalen Lien mat der Impfung feststellt. Dëst ass dann d'Basis fir de Montant vun der Entschiedegung festzeleeën.

Wat d'Fro un der allgemenger Opschaffung vun der Pandemie betrëfft, verweist d'Regierung op den Rapport vun der OECD *„Evaluation of Luxembourg's COVID-19 reponse: learning from the crisis to increase resilience*" als éischte Schrëtt, an wäert sech iwwert eventuell komplementar Evaluatiounen am Kader vum öffentlechen Débat iwwert d'Petitioun 2489, den 7. Juni an der Chamber, positionéieren.

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert